N° 7163
Entrée le 13.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°7163 vum 11. November 2022 vun dem éierewäerten Deputéierte Här Marc Goergen iwwert "Primes pour panneaux photovoltaïques"**

**1. Wäert de Staat d'Méikäschte vun den Zënsen um Prêt vun de Leit iwwerhuelen, déi doduerch entstinn, dass de Subside méi spéit vum Prêt kann ofgerechent ginn? Wa nee, firwat net?**

Et ass net virgesinn datt de Staat déi eventuell Méikäschte vun den Zënsen um Prêt vun de Leit iwwerhält. Wéi an der Äntwert op déi zweet Fro ausféierlech beschriwwen, gëtt alles dru gesat fir déi momentan Retarde beim Ausbezuele vun de Primme schnellstméiglech ze reduzéieren, sou dass déi Fro sech an Zukunft net méi stellt. Et sief och op d'Äntwert op déi véiert Fro verwisen.

**2. Wat wäert de Minister maachen, fir d'Beaarbechtungszäit vun den Demande fir Subsiden ze reduzéieren?**

D'Ëmweltverwaltung schafft kontinuéierlech drun d'Qualitéit vum Service aides financières ze verbesseren, an dozou gehéiert och d'Delaie fir de Bierger sou kuerz wei méiglech ze halen.

Am Kader vum Accord de Tripartite an de Moossnamen déi doran festgehale goufen huet d'Ëmweltverwaltung 10 weider Posten à durée déterminée zougesprach fir d'Beaarbechtungszäiten ze reduzéieren a Stéit schnellstméiglech des finanziell Hëllefen zur Verfügung stellen ze kënnen. Fir 2023 gouf nach weidert Personal fir de Service aides financières vun der Ëmweltverwaltung ugefrot.

Doriwwer eraus gëtt och den Ament en Expert fir d'Optimisatioun vun den Aarbechtsprozesser rekrutéiert den dem Service aides financières dediéiert wäert sinn.

Nieft dem Rekrutement wëll d'Ëmweltverwaltung awer och eng Rei Aufgaben externaliséieren an d'Delaien och iwwert eng méi staark Digitalisatioun weider erofsetzen.

Dofir gouf en Laaschtenheft ausgeschafft fir en Appel d'Offres ze lancéiere fir e Pilotprojet fir eng Rei méi technesch Aarbechte ronderëm den Accord de principe beim Klimabonus ze externaliséieren. Wann dëst Laaschtenheft vun de concernéierte staatlechen Instanzen acceptéiert gëtt kéint dëse Marché Ufank 2023 vergi ginn.

Bei der Digitalisatioun si Projete mam CTIE am Gaang fir d'Dematerialisatioun vun den Démarche beim Regime "Klimabonus wunnen" an och fir d'Primme bei de Vëloen. Wann dës Projete fäerdeg sinn, wäerten d'Ufroe fir dës Subside kënnen iwwert de MyGuichet gemaach ginn, sou wéi een dat och säit Ufank Oktober 2022 scho bei den elektresche Borne "Wallbox" ka maachen. Nieft de villen Avantage fir de Bierger, wäerten Ufroen iwwert MyGuichet och d'Saisie vun den Donnéeë bei der Ëmweltverwaltung automatiséieren, wat den Opwand vum Traitement vun der Demande reduzéiere wäert.

D'Ëmweltverwaltung wäert och zäitno eng FAQ (foire aux questions) fir d'Leit um Site www.emwelt.lu zur Verfügung stelle mat Äntwerten zu den am Meeschte gestallte Froen a mat Informatiounen, déi solle hëllefen, méiglech Feeler an der Demande am Virfeld ze evitéieren.

**3. Wat ass fir de Minister ee raisonnabelen Delai an deem de Staat eng Demande sollt traitéiert hunn?**

Fir een Dossier dee komplett ass sollt een Delai vun 3 Méint net depasséiert ginn.

**4. Wäert de Minister eng Piste ausschaffen, déi et erméiglecht, dass d'Leit am Fall vun engem Prêt de Subside ugerechent kréien?**

De Beneficiaire vun engem Subside fir eng energetesch Sanéierung oder eng technesch Anlag ka vun der "subvention d'intérêt pour prêt climatique" profitéieren, virausgesat d'Dispositioune vum Gesetz vum 8. Juni 2022 "relative aux aides à des prêts climatiques" sinn erfëllt. Aner Pistë sinn am Moment net an Ausaarbechtung.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung